TC Grevenmacher- TC Diekirch Seniors Hommes Tour 5 Nationale II

Résultat : 3-7,5

Nodeem ech d'lescht Woch keen Commentaire geschriwwen haat, wollt ech awer trotzdem vun der Geléigenheet profitéiren fier dem TC Beetebuerg merci ze soen dass mier e leschten Samsdeg konnten um 10h00 ufänken, an dass si eis op een Barbecue nom Match invitéiert hun.

Geschter souzen mer um 12h00 zu Greivenmacher an der Pizzeria an et huet emmer mei staark ugefang ze schiffen, an baal keen vun eis huet nach drugeduecht dass mier keinten eis ganz Renconter dobaussen spillen. Wéi mier um Spillplang gesinn hun dass mer zu Greivenmaacher spillen, hu mer eis well all gefreet, top Anlaag, top Terrainen, sympathesch Spiller an daat versprecht emmer eng laang 3t Halschent.

An sou waar et och des Keier, mais als eischt mol zum sportlechen Deel vum Daag. Mier sin ganz kloer mat dem Wellen op Greivenmacher gefuer fier 3 Punkten ze kreien an daat ass eis och gelongen well mier no den Simplen 6-0 (!!) fier waaren. Wéi ass daat gaangen?

An der eischter Rotatioun hun de Metti geint de Mike Welter, den Kevin geint den Szturma Alexandre an ech geint den Oms Pascal gespillt.

Iwwert de Metti ass schnell alles gesoot. Dee spillt seit Wochen quasi a Beschtform, ballert aus alle Laagen an donnert een Ass nom aaneren op déi aaner Séit. Um villen Training léit et menger Meenung no net, d'Haaptsach de Metti wees wéi hien daat mescht, ech géing mengen hien ass einfach „SUPERGEIL", (de Metti versteet daat).

De Kevin huet och relativ schnell gewonn op 1 an 2, an well hien niewent mier gespillt hun, kann ech soen dass daat gudd ausgesinn huet, vill schnell Servicer,och mol serve and volley, zolidd Schléi vun der Grondlinn, daat waar gudd Captain!

Ech hun och geint de Pascal Oms gewonn, obwuel et an de Bällwiessel oft mei serréiert waar wéi d'Resultat. Well mer quasi allen 3 déi selwescht Zéit fäerdeg waaren koum et lo zu den Dueller vum David geint den Stein Elmar, den Dustin geint den Kircher Felix an de Simon geint den Metzler Philippe.

De Simon huet sein Match rem ganz propper geréiert, do kann een naischt soen, proppren Tennis wéi mier daat vun eisem Simon (deen op der Foto d'Aan rem zouhuet) gewinnt sin.

Dann zu den 2 TOP Matcher vun eisen Jongen. Den David huet een ganz staarken Match geint den Stein Elmar gemeet, wierklech mat daat Bescht waat ech vun him seit laangem gesinn hun, mat ganz deiwen Slicen, Stoppbäll, Passéierbäll, Assen, Fierhandwinner, waar alles dobéi. Daat waar ganz staark an ech mengen den Elmar kruut nach net sou oft an senger Carrière just 1 Jeu. Och wann den Elmar secher net sein beschten Daag erwescht

huet, spillt een emmer just sou gudd wéi de Géigner et zouléisst an den David huet sou gudd wéi naischt zougeloss.

Dann zum Match vum Dustin geint den Kircher Felix. Daat waar och ee ganz gudden Match, zemols am 2ten Satz huet den Dustin bestemmt 40‘ laang baal um Maximum gespillt, och de Felix soot „der trifft alles“. An daat waar och baal néideg fier deen Match ze wannen well de Felix wees och wéi een Tennis spillt. Nodeem den eischten Saatz knapp am Tie-Break un den Dustin gaangen ass, huet hien wierklech duerch eng Bommeleeschtung den 2ten Saatz mat 6-3 gewonn an daat geint ee Géigner deen bis zum leschten Ball gekämpft huet!

Sou lo wossten mer dass eis nach een Dubbel geing feelen fier dass mer déi 3 Punkten keinten mathuelen an eisen Captain haat sech entscheed fier de Metti mat mier an den 3ten Dubbel ze setzen fier dass mer do eng gudd Chance hun ze wannen (geint Oms/Metzler, an an den Dubbelen 1 an 2 sin den Kevin an den Dustin op d’Koppel Stein/Sidia (deen den Szturma ersaat huet) getraff an am 2ten Dubbel sin den David an de Laurent op d’Koppel Welter/Kircher getraff.

De Metti an ech haaten relativ schnell gewonn, mescht effektiv Spaas mam Metti ze spillen daat geet schon vierun, obwuel ech mier et net huelen geloss hun fier no mengem schon grottenschlechten Volley (sorry Jens) vu Beetebuerg (deen leider baal d’ganz Ekipp gesinn huet), nach een méi blannen Ball dropzsetzen an zwar hun ech vun der Sonn irritéiert ee ganz kuerzen Retro Ball probeiert sou hallew riwwerzedrecken an sin natierlech mat der Rakett voll an d’Netz gerannt,… net just Netz beréiert mais voll dran,.. Muss awer och soen dass ech soss meng Volleyen zimlech getraff hun,..

Den Dubbel vum Dustin a vum Kevin guw uewen gespillt, do hun ech leider baal naischt gesinn, mais hu mer soen geloss dass déi 2 hätten kennen e gudd Steck besser spillen mais dass d’Koppel Stein/Sidia ganz staark mateneen gespillt hun an ganz schweier ze knacken wieren. De Laurent an den David waaren schnelle 1-4 hannen, koumen dun rem bei, waaren wéi zu Sandweiler dun 6-5 mat Break fier, fier dann awer am Tie-Break knapp ze verléiren. Den 2ten Satz goung mei schnell, deen hun déi ganz staark Koppel Welter/Kircher 6-2 fier sech entscheed.

Natierlech ass et emmer schued 2 vun 3 Dubbelen ze verleiren mais mier hun 3 Punkten, lo en Donneschdeg geint Esch an dann een TOP Ofschlossmatch geint eis Koleegen vum TC Nordstad.

Nom Match gouw nach vill gelaacht, e puer Béier gedronk, eng Pizaa giess an natierlech de Match Portugal geint Eisträisch gekuckt.

Fazit vum Daag: Mier loungen mengen ech all méi zefridden wéi de Christiano Ronaldo am Bett.

Allez schéine Sonndeg eech all an bis geschwenn! (eddi Steve ☺)

Cu Pascal